



Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°5280 vum 23. November 2021 vun den éirewäerten Députéierten Här André Bauler an Här Gusty Graas iwwert "Entretien des rivières suite aux inondations"

"Et ass eis zu Ouere komm, datt no den Iwwerschwemmunge vum leschte Juli nach ëmmer Dreck an eng ganz Rei Objeten, déi fortgeschwemmt goufen, am Getraisch an am Gestrëpp laanscht d'Ufer hänken an nach net wechgeholl gi sinn.

Souwuel d'Sauer ass dovu betraff, wéi z.B. um Willspull bei Méchela, wéi och d'Uelzecht op ville Plazen. Donieft wier an der Uelzecht eng ganz Partie Dreck, deen allem Uschäin no net op d'Héichwaasser vum Summer zeréckzeféiere wier, mee éischer dorop, dass Leit hire Knascht do entsuergen."

1. Ass d'Madamm Ministesch au courant iwwer dës Situatioun? Huet d'Waasserwirtschaftsamt eventuell eng Analys iwwer den Zoustand vun de genannte Gewässer nom Héichwaasser gemaach? Ass virgesinn, dës Waasserleef an noer Zukunft ze botzen?

Alles wat der Waasserverwaltung (AGE) u gréisseren Dreckusammlungen oder Objeten an de Gewässer opfält, gëtt erausgeholl an entsuert soulaang d'Besetzverhältnisse gekläert sinn. Dat geschitt am Prinzip genau esou gutt am Normalfall, wei och no enger Héichwaasser- oder Staarkreensituatioun.

No den Evenementer am Juli, sinn déi zoustänneg Servicer vun der AGE d'Gewässer ofgaangen a sinn och de Meldunge vun de Gemengen an aus der Populatioun nokomm. Deementspreechend sinn Interventiounen op deene Platze gemaach ginn wou et am dréngendste war, sief et aus Sécherheetsgrënn, Héichwaasserschutzgrënn oder duerch Usammlunge vun grouss Massen un Dreck.

Déi Aarbechten si momentan nach net ofgeschloss an daueren nach un. Plazeweis ginn et grouss Massen un Dreck an Objeten déi sech iwwer länger Strecke verdeelt hunn. Déi Aarbechte verlafen deelweis ënnert schwéiere Konditiounen well d'Plazen oft schwéier zougänglech sinn. D'Verantwortung fir d'Entsuerung vun de Rulotten déi zum Deel nach laanscht Baache ze fannen sinn, läit an deem Fall am Prinzip beim Besëtzer. D'AGE ass amgaangen zesumme mat der Police hei no enger Léisung ze sichen.

2. Huet d'Waasserwirtschaftsamt e Programm, deen déi reegelméisseg Ënnerhaltsaarbechte vun den Haaptwaasserleef zu Lëtzebuerg tëscht de verschiddenen Acteure koordinéiert? Wéi dacks ginn dës Aarbechten an der Reegel op de verschiddene Baachen a Flëss pro Joer duerchgefouert?

D'AGE huet e Programm mat Entretienaarbechten déi op eise Gewässer geplangt an duerchgefouert ginn. Et besteet e reegelméisseg Kontakt an Austausch mat den Acteuren op Staats- a Gemengenniveau fir déi Aarbechte koordinéiert duerchzeféieren.

D'Aarbechte ginn an enger éischer Instanz emol do duerchgefouert wou e Besoin besteet. Wann dësen Agrëff duerchgefouert ginn ass, huet een oftmoos eng Verbesserung vun der Situatioun erreicht. Aus deem Grond kann een soen: Jo, et gëtt reegelméisseg op deene Gewässer intervenéiert, mee well et oftmoos keng repetitiv Aarbechte sinn, a mat engem eemolegen Agrëff d'Situatioun sech verbessert huet, kann ee keng genau Ausso maachen zu der Reegelméissegkeet vun den Agrëffer pro Joer. Pauschal kann een awer soen, wat d'Gewässer méi grouss ass, an duerch grouss urbaniséiert Gebidder leeft, wat d'Unzuel vun den Interventiounen am Beräich vum Entretien op de Gewässer klëmmt.

3. Vu dass an der Vergaangenheet d'Opdeelung vun de Kompetenzen am Beräich Ënnerhalt vun de Waasserleef net ëmmer kloer war, sollt d'Waasserwirtschaftsamt e Guide pratique zum Thema ausschaffen. Wou sinn d'Aarbechten un deem Dokument drun?



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

D'AGE schafft aktuell nach un engem "Guide pratique" zum Thema Ënnerhalt vun de Fléissgewässer. Dëst Dokument soll fir d'Gemengen an de Public méi Transparenz an d'Aarbechten am Kader vum Ënnerhalt vun de Baache bréngen, déi verschidden Type vun Aarbechten an och déi noutwenneg Demarchen erklären. Et ass virgesinn dat am Laf vum Joer 2022 ze finaliséieren.

Lëtzebuerg, den 6. Januar 2022

(s.) Carole Dieschbourg

Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung